



Corona ass d'Wuert vum Joer 2020

Op Plaz zwee kënnt den Hashtag *#bleiftdoheem*, Plaz dräi ass fir *d'Heibleifskärchen*

Jury a Publikum si sech eens: *Corona* ass dat lëtzebuergesch Wuert vum Joer 2020. Dat Wuert, dat mat Ofstand am heefegste vun de Leit proposéiert gouf, krut um Enn och déi meeschten Zoustëmmung vum Jury. Op déi zweete Plaz gouf d'Opfuerderung *bleiftdoheem* mam Hashtag gewielt, op Plaz 3 koum *d'Heibleifskärchen*, bekannt aus dem Ausdrock „mat der Heibleifskärche fueren“, fir ze soen, datt een net an d'Vakanz fiert, mee doheem bleift. Dat sinn d'Topp dräi vun der éischter offizieller Sich no engem Wuert vum Joer zu Lëtzebuerg, organiséiert vum Zenter fir d'Lëtzebuurger Sprooch (ZLS) zesumme mam Radio 100,7 a mat RTL Lëtzebuerg.

Begrëffer am Kontext vun der Covid-19-Pandemie hunn also eendeiteg d'Course gemaach – genesou wéi am Ausland. An Däitschland ass d'Wuert vum Joer *Corona-Pandemie*, an Éisträich *Babyelefant* (well dat der Distanz entsprécht, déi een a Corona-Zäiten anhale soll), a Flandern ass et den Neologismus *Knuffelcontact* (dat heescht Kuschelkontakt, där een zäiteweis just een oder zwee duerft hunn) an an der Schwäiz war et am Däitsche *systemrelevant*, am Franséische *coronagraben*, am Italieenesche *pandemia* an am Rätoromanesche *mascrina*. Frankräich wíelt keen offiziellt Wuert vum Joer, fir déi englesch Sprooch huet de Cambridge Dictionary *quarantine* nominéiert an de Collins Dictionary *lockdown*. Corona dominéiert d'Sprooch iwwe d'Grenzen ewech!

Wéi gouf zu Lëtzebuerg ofgestëmmt?

Tëscht dem 8. an dem 15. Dezember konnt jidderee seng Propos beim Zenter fir d'Lëtzebuurger Sprooch online areechen. 497 E-Maile sinn am Zenter ukomm, mat alles an allem 542 verschidde Proposen, dorënner 185 verschidde Begrëffer.

Aus dëser Longlist huet d'Ekipp vum ZLS eng Shortlist vun 20 Begrëffer gemaach a se dem Jury virgeluecht. Dora waren de Commissaire fir d'Lëtzebuurger Sprooch Marc Barthelemy, d'Presidentin vum Conseil fir d'Lëtzebuurger Sprooch Myriam Welschbillig, de Programmchef vum Radio 100,7 Yann Logelin, de Chefredakter vun RTL.lu Olivier Treinen an d'Dr. Sara Martin vum Zenter fir d'Lëtzebuurger Sprooch.

An engem éischte Walduerchgang gouf d'Lëscht vun 20 op 10 Begrëffer reduzéiert, an engem zweete Schrëtt du vun 10 op 5 mat dësem Resultat:

1. Corona
2. #bleiftdoheem
3. Heibleifskärchen
4. Lockdown/Confinement
5. Geste-barrières

Net an d'Topp fënnef hunn et d'Propose *vulnerabel*, *Large-Scale-Testing*, *Social Distancing* an *Homeoffice/Teletravail* gepackt, aner Begrëffer ewéi *Covidiot*, *Frupstut* an *teamsen* hat de Jury net fir d'Topp zéng zeréckbehalen. Dora waren iwweregens exklusiv Begrëffer, déi eppes mat der aktueller Pandemie ze dinn hunn. Anerer sinn och kaum vun der Leit proposéiert ginn, wann een z. B. vu *Muffel*, *Siggy*, *lost* an *Trumpismus* ofgesäit.

D'Argumentatioun vum Jury

1. Corona – d'Wuert vum Joer 2020

Corona ass dem Jury no einfach dat prägnantst Wuert vum Joer 2020. Ënnert der Schreifweis *Korona* huet een et zu Lëtzebuerg ewell virun der Pandemie kennt, sief et fir de Liichtkrees bei enger Sonnendäischtert, sief et fir e Grupp Leit, déi ee begleeden, ze bezeechnen. Mat der Schreifweis *Corona* huet ee virun 2020 virun allem eng mexikanesch Béierzort associéiert. Dat huet sech mat der Verbreedung vum Virus stënterlech geännert, *Corona* war op eemol virun allem d'Kuerzform vu *Coronavirus* an domat goufen och eng Hellewull aner Wieder kreéiert: *Corona-App*, *Coronakris*, *Coronamesüren*, *Coronapandemie*. Doriwwer eraus goufen Evenementer *coronabedéngt* oder *wéinst Corona* ofgesot; e Land, dat vum Virus verschount blouf, war *coronafräi*; vill Leit hunn dëst Joer op *d'Zäit viru Corona* zeréckgekuckt oder hu méttlerweil d'Flemm *mat deem ganze Corona* asw. *Corona* war och mat Ofstand am heefegste vun de Leit als Wuert vum Joer 2020 proposéiert ginn.

2. #bleiftdoheem

De Message *bleift doheem* war mat Amenter omnipresent: Domat sollt een d'Vebreedung vum Coronavirus stoppen an déi aner, awer och sech selwer schützen. Den Appell un d'Solidaritéit an un déi eege Verantwortung huet – mol mat Hashtag, mol ouni; mol mat *bleift*, mol mat *bleif* – och zu de Favoritte vum Publikum gehéiert.

3. Heibleifskärchen

Mat der *Heibleifskärchen* honoréiert de Jury e flotte lëtzebuergeschen Ausdruck, dee Referenz mécht op d'Reesaschränkungen an der Vakanzenzäit: Wie mat der Heibleifskärche fiert, dee fiert néierewou, a scho guer net an d'Vakanz. An esou passt de Begrëff bei de Slogan *Vakanz doheem*.

4. Lockdown/Confinement

Op Plaz véier eng lexikalesch Dublett, wéi een der esou vill am Lëtzebuergesche fënnt, déi weist, datt d'Lëtzebuenger Sprooch ouni Problem friem oder nei Wieder ophuele kann, wann dat néideg schéngt. Dacks ginn d'Spriecher sech och net just bei eng aner Sprooch zerwéieren, mee direkt bei zwou, an deem Fall bei d'Englescht a bei d'Franséisch. Béid Begrëffer vun dëser flotter Wuertkoppel stoungen och an der Gonscht vum Publikum wäit uewen.

5. Geste-barrières

Wat an Däitschland d'AHA-Reegele sinn, si bei eis d'*Geste-barrières*: e weideren neie Begrëff, deen een duerch d'Pandemie begleet huet an deen duerch d'Iwwersetzung *Schutzmoosnamen* dach u Prezisioun an un Nuancë verléiert. De lëtzebuergesche Pluriel weist, wéi séier, einfach a selbstverständlech nei Wieder – an deem Fall aus dem Franséischen – kënnen integréiert ginn, an déi aktualiséiert Orthografie klärt och, wéi d'Wuert an deem Fall ze schreiwen ass.

Ënnert allen, déi e Virschlag fir d'Wuert vum Joer ageschéckt haten, goufen zwee Gewënner gezunn: Jeeweils ee Bong fir lëtzebuergesch Produiten am Wäert vun 100 Euro vun „100 % Lëtzebuerg“ zu Gréiwemaacher an d'Buch „Aläert, jauwen, Zockerboun – 123 Pärelen aus der Lëtzebuenger Sprooch“ vum ZLS ginn op Gonnereng an op Mutfert. Felicitatioun!

Den ZLS a seng Partner soe jidderengem Merci, dee sech op déi eng oder aner Manéier un der Sich nom Wuert vum Joer 2020 bedeelegt huet. Mir sinn elo scho gespaant, wéi eng Wieder dat nächst Joer markéieren a freeën eis op d'Wiel vum Wuert vum Joer 2021.